## D'Resistenz un der Belscher Grenz

De Bericht, deen ech elo schreiwen kënnt ee quasi als annex vun dene Geschichte vidru gesinn, wëll d'Géigend, wou sech alles ofgespillt huet, déi selwecht as.

Wann an der Vergaangenheet iwer d'Mériter vu grousse Passeure geschwat oder geschriwwe gin as, hun d'Leit am allgemengen ëmmer un Uertschaften an eisem Land geduecht, déi no un der franséischer Grenz leien.

Déi geografesch Lag vun eisem Land huet eis awer och eng Grenz mat eisem Nopeschland Belgien geschafen, déi wiirklech zweemol méi laang as wéi déi mat Frankräich.

Haut huet d'belsch Grenz fir eis weider keng Bedeitung méi, wëll mär haut ganz aner Verhältnësser hun an d'Grenz mat der Belsch, wéi e seet „op" as. Et muss een un d'Situatioun aus de Joëren 1940-1945 denken, wéi d'Preisen och d'Belsch besat haten a Lëtzebuerg als en Deel vum Gau Moseland wor. D'Belsch war also Ausland an d'Grenz och en Hindernis a mat enger gewësser Gefor verbonnen fir ouni „laisser-passer" bei ons „Alliéiert" op Besuch ze goen.

Genee wéi am Frankräich, esou woren och an der Belsch Gemengen, déi mat der Résistance zesumme geschafft a falsch Papeieren ausgestallt hun, duerch déi d'Lëtzebuerger zäitweileg belsch Staatsbiirger woren. Zwou vun dene Gemenge wore besonnesch Arel a Bonnert.

Allerdéngs woren déi néideg Relatiounen domat verbonnen, wat erëm eng richteg Vertrauenssaach wor. Wann een d'Leit huet musse préiwen a sënneren, déi ëm Hëllef gefrot hun, sou as dach e grousse Prozentsaz Gefor bliwen, bei denen dat Wuert „Vertrauen" grouss geschriwwe gin as.

Et musst een och dee ganz grousse Risiko matarechnen, dee bestanen huet, wann ee vun de Jonge „geschnappt" gin as. Besonnesch grouss wor déi Gefor, wann d'Jonge virum „Passage" och nach beim Passeur selwer am Haus versuergt si gin. Mär hu jo all d'Methode vun de Preise kannt, déi si „praktizéiert" hun, wann si een erwëscht haten an eppes gär vun him gewuer wäre gin.

Dofir muss een och nach haut den Hutt virun all dene Leit an virun hire Familjen ofdoen, déi trotzdeem esou e grousse Risiko op sech geholl hun. Verlaangt dee grousse Misär, deen si an hir Familje gedroen hun, nët nach haut eise volle Respekt . . . ?



*De Passeur J.P. TOMPERS vu Pärel*

## D'Famill Tompers vu Pärel

Eng Famill, déi dëse grousse Risiko aus Léift zu der Hemecht op sech geholl huet, wor d'Famill TOMPERS vu Pärel. Et wor och hei nët wéi op aner Grenzen, wou d'Leit d'Jonge virum „Passage" bei sech doheem logéiert hun an dann nach de Passeur gespillt hun. Si hun **alles** gemaach : D'Jonge logéiert, d'Papeire verschaaft an d'Jongen nach iwwer d'Grenz bruecht.

D'Famill TOMPERS wor eng vun den éischte Familjen, déi an d'Resistenzorganisatioun L.V.L. opgeholl si gin. Op Grond vun hirem Verspriechen alles ze maachen fir dem Ënnerdrécker ze schueden, hun si Ufank 1943 eng Filière opgebaut, fir am Déngscht vun der Hemecht de Jongen ze hëllefen, déi d'preisesch Uniform ausgedoen hun.

## E Wee an d'Fräiheet

Fir de Passage iwwer d'Grenz esou liicht wéi méiglech ze maachen, hun déi vun der Famill Tompers sech e Stonneplang zesummegestallt mat den Déngschtstonne vun dene verschiddene Grenzposten. Si hate séier erausfond, datt déi bescht Zäit fir de Passage an der Nuet wor. D'Kontrolle sin nuets nëmme bis bei déi lescht Haiser vum Duerf gaang a wëll dem Emile séng Wunnéng am Ausgank vum Duerf luch, wor et fir déi, déi kënneg an der Landschaft woren, zimlech einfach fir „onbehellegt" de Wee duerch de Bësch bis op Parette (Paart) ze fannen.

Zu Parette selwer haten si en Haus mat enger „Poste restante", déi vu gudde Resistenzler besat wor. Dem Braas Néckel vu Pärel séng Schwëster wor mat engem gewëssen Thomas J.P. bestued, deen direkt eng „Verbindung" mat der Armée Blanche" hat.



*D'Haus vum Emile TOMPERS*

Déi néideg falsch Papeieren sin iwer d'Filière vun engem Schräinermeeschter André Meis vun Arel an d'„Poste restante" op Parette kom.

Eng weider Verbindung mat der Armée Blanche vum Secteur Marteléng-Warnech bestung duerch e jongt Meedchen, dat all Sondeg vu Marteléng erop op Pärel an d'Mass kom as. Et hätt ee schon eng richteg „Leibesvisitatioun" bei der Joffer musse maachen, fir déi schiffréiert Messagen ze fannen.

Nom Krich huet si hiren „Agent de liaison„ bestuet an as eng Madame Albert Bourgeois gin. Haut féiert si als Witfra eng Droguerie zu Arel an der rue de Diekirch.

D'Famill Tompers hat och gutt Relatioune mat der Lëtzebuerger Resistenz. De Marcel Barnich vu Lëtzebuerg, de Jules Meyers vum Schleiderhaff, d'Gebridder Winandy vun Heischent an de Léo Feller vun Ell. Si all stungen a stännegem Kontakt mat den Zwillingsbridder Emile a Jhemp TOMPERS vun der belscher Grenz.

E wichtegen „Dépôt" an eng „Salle d'attente" haten si an der Wunneng vum Léo Faber zu Ell. Hei hun d'Jongen e puer Deg gewaart bis d'Papeieren an der Rei woren . . .

Alles huet geklappt an as gelaf wéi un enger Schnéierche bis den 23. Februar 1944 . . .



*Am Februar 1938 as den Emile mat dem Anna THESEN bestued gin*

## Verrot oder Zoufall ?

Wéi de Blëtz hun d'Preisen zougeschloen. E ganze Camion voll Militär mat opgeplanztem Bajonett hat d'Haus vun der Famill Tompers ëmstallt. D'Gestapo huet de Bunker an der Scheier fond wéi wann si e Plang dervu gehat hätten. U Widderstand wor nët ze denken . . . Den Théo Frising vu Rammerech an de Fortuné Kunsch vu Rodange si gefesselt fortgefouert gin. D'Schräinerei Tompers as op d'Kopp gekéiert gi bis si de Regnéry Mathias vu Rodange aus den Huwwelspéin erausgehuewen hun . . .

Een eleng hu si nët fond . . . De Koséng Aloyse Tompers sutz am Stréi. D'Preisen hu mat laange spatze Staangen an d'Stréi gestach. Den Aloyse hat e gudde „Schutzengel" an d'Spëtze si laanscht hie gaang . . .

Déi ganz Famill, de Papp Jean Tompers, d'Mamm, hir Duechter, déi reng zoufälleg op Besuch wor, den Emile a séng Fra, alleguer sin si vun de Preise verhaft an fortgefouert gin. Den Emile wor schon op der Plaz vun der Gestapo zerschloe gin, datt d'Blutt him laanscht d'Gesiicht erofgelaf as . . .

D'Gestapo as mat den Autoen am Duerf hin an hier gerannt wéi geckeg . . . hinnen huet nach een an der „Sammlung" gefeelt . . .

Dem Emile säin Zwillingsbrudder Jhemp wor duerch en Zoufall nët doheem. Hie wor awer um Heemwee a wëll hien sech ënnerwee aus enger „Luftschutzversammlung" nach e wéineg opgehalen hat, wor hien nët do wéi d'Preisen hiren Iwwerfall opgeféiert hun . . .

Zwou Fraen hun him gewénkt an hie gewarnt. An allerleschter Minutt konnt hien am Haus vum Frënd Néckel Braas verschwannen. wéi hien d'viischt Dir beim Néckel hanner sech zougezun hat, sin d'Preise mam Auto laanschtgefuer . . .

Wéi „D'Grossfahndung" eriwwer a wéi et méi roueg am Duerf wor, huet de Jhemp an de Koséng Aloyse, deen d'Preisen nët am Stréi fond haten, de Wee duerch de Bësch an d'Belsch gesicht, wou si zu Bonnert bei Arel an der rue de Bastogne am Haus vun engem Lëtzebuerger, der Famill Néckel Knaus-Wolff verstoppt wore bis d'Amerikaner kom sin . . .

## Keen Erbaarmen a grousser Nout

D'Mamm Tompers as wéint Krankheet méi fréi fräikomm. De Papp Tompers as an eng „Nervenheilanstalt" ageliwwert gin bis d'Amerikaner koum sin. Dem Emile séng Fra as an d'Zuchthaus kom. De Jhemp as an „Abwesenheit" zum Doud veruurtelt gin. Eng Mattant huet sech dem Emile sénge Kanner ugeholl . . . soss hätten d'Preisen „d'Erziehung" selwer an d'Hand geholl !

Dem Emile säi „Leidenswee" as no ville Folterungen den 10. August 1944 zu Enn gang. D'Nimm vun denen iwwer 20 Jongen, déi duerch séng Hëllef an d'Fräiheet kom sin, huet hien nët verroden . . .

Hien as am Prisong zu Köln gekäppt gin . . . eng Stroof, déi nëmme bei „Schwerverbrecher" ausgeféiert gin as . . .

A séngem leschte Bréif huet hie sénger gudder Fra a séngen zwee Kanner, deemools dräi a sechs Joër al, séngen Elteren, sénger Schwëster a séngem Brudder äddi gesot. Si sollten all séng Frënn an der Heemecht vun him eng leschte Kéier gréissen . . .

D'Preisen hu keen Erbaarme kannt an hu weider gemuert an tyranniséiert. Iwwer d'Jongen, déi d'Preisen am Haus Tompers verhafte konnten, bleiwt nach ze soen : den Théo Frising as zu 10 Joër Zuchthaus veruurtelt gin an nom Uurtel an d'K.Z. Buchenwald kom ; de Regnéry Mathias, deen un der Front fortgelaf wor, krut 15 Joër Zuchthaus a koum och an d'K.Z. Buchenwald an duerno op Bergen-Belsen ; de Kunsch Fortuné huet 10 Joër Zuchthaus krit an as och an d'K.Z. kom . . .

Iwer aner Détailler aus der Aktivitéit vun der Famill Tompers kann näischt geschriwwe gin, wëll all Ënnerlagen no der Verhaftung zerstéiert si gin . . .

Dem Emile séng Fra an och déi ganz Famill Tompers stungen no der Liberatioun virun „näischt méi", an hu mussen erëm vu vir ufänken. Si wore mat hirem Misär eleng a sin am Duurchernaner vun der Rekonstruktioun a vum „Papeierkrich" vun deemools iwwerlaf a quasi ëmgaange gin. Hiren Trouscht wor, datt si fir d'Allgemengheet dat gemaach hun, wat si hirer léiwer Hemecht schëlleg woren.

Dat soll hinnen ni vergiess gin . . .

JESUS ! MARIA ! JOSEPH !

Hién huet a schwe'rer Zeit d'Trei bekannt,
't gong fir d'Freihét an et gong fir d'Land.



ZUM UNDENKEN
un onse le'we Mann, Pappa, Jong, Edem, Brudder, Schwoer, Monni, Neveu a Coseng

EMIL TOMPERS

*Mann vum ANNA THESEN*

gebueren zo' Pèrel, gestuerwen fir seng le'w Hémecht am Prisong zo' Köln, den 10. Aug. 1944, am Alter vun 33 Joer.

Pèrel, den 23. Februar 1946.

†

Dât schrecklechst hu mir nu erfur,
Dass du nie me' könns erem hém,
We' oft hues du geschriwen voller Mutt:
„Mâcht iéch keng Suergen, d'Sâch gét gutt".
Der Freihét hâs du Trei geschwur,
Dei Schwur hues du gehâl,
Fir d'Hémecht go'fs du d'Liéwen,
Als Held stongs du op deser Welt.
Als Held gongs du zum Himmel an.

Weit vun dohém, verlôss, eleng hues du misst stiérwen,
Ké le'we Bléck huet dech getraff,
Ké Mensch dir d'Hand gerêcht,
Den Herrgott huet et eso' gewollt,
Du hues verlôss deng Frâ a Kand,
O, siéf hinnen Tre'schter aus dem Himmelsland!

Nu schlôf a Fridd den e'wege Schlôf,
Du gess vun ons och nie vergiéss,
Mir biéde fir deng e'weg Ro',
Biét du fir eis a fir dei „Letzeburg".

Mei Jesus, Barmhiérzegkét!
H llegt Hiérz Jesu, ech vertrauen op Dech!
Barmhiérzege Jesus, göff him d'e'weg Ro'!